Colonies de vacances

Formations animateurs

Bénévolat solidaire

Spillmobil

Centre d'animation et de rencontre
Marjaashaff

Caritas Jeunes & Familles a.s.b.l.
Young Caritas

20, rue de Contern
L-5955 Itzig

info@youngcaritas.lu
www.youngcaritas.lu

facebook.com/youngcaritaslux

WOU GINN D'FORMATIOUNEN OFGEHALEN?

All eis Formatiounen ginn zu Léifreg (Liefrange) an eisem Centre de Rencontre et d'Animation "Marjaashaff" ofgehalen. (Ausnamen sinn méiglech)

RÉSUMÉ FORMATIOUN 2016-2017

Animateur Brevet A
(Vakanzaktivitéiten)

PRÄIS FORMATIOUN A 75€

UMELDUNGSSCHLUSS 01/04/2017
PLAATZEN 24

DATUM
22. - 23. ABRËLL 2017
29. - 30. ABRËLL 2017

Alles ronderen d'Animatioun

Animateur Brevet B
(Aide-Animateur)

PRÄIS FORMATIOUN B 200€

UMELDUNGSSCHLUSS 02/12/2016
PLAATZEN 20

DATUM
17. - 18. DEZEMBER 2016
07. - 08. JANUAR 2017
11. - 12. FEBRUAR 2017
04. - 05. MÄERZ 2017
17. - 21. ABRËLL 2017

Animateur: Wat? Wéi? Wou?
Kreatiivt Bastelen
Spillen an animéieren
Plooschteren & Blooderen
Formatiounswoch I

Animateur Brevet C
(Animateur)

PRÄIS FORMATIOUN C 200€

UMELDUNGSSCHLUSS 02/12/2016
PLAATZEN 20

DATUM
17. - 18. DEZEMBER 2016
07. - 08. JANUAR 2017
11. - 12. FEBRUAR 2017
04. - 05. MÄERZ 2017
18. - 21. ABRËLL 2017

Themen an der Kolonie
Problemer am Grupp
Sécherheet an der Kolonie
Integratiounsweekend
Formatiounswoch II

Animateur Brevet D
(Animateur Spillmobil)

PRÄIS FORMATIOUN D 25€

UMELDUNGSSCHLUSS 02/12/2017
PLAATZEN 10

DATUM
17. - 18. DEZEMBER 2016

Alles ronderen d'Spillmobil-Welt

Animateur Brevet E
(Responsabel Kolonie)

PRÄIS FORMATIOUN E 10€

UMELDUNGSSCHLUSS 01/04/2017
PLAATZEN 12

DATUM
22. ABRËLL 2017

Responsabel Kolonie

Animateur Brevet F
(Formateur)

Den Datum vun der Formation Brevet F gëtt op Ufro matgedeelt. Interesséiert? Dann ruff eis un!

INTERESSÉIERT?
Du wëlls dech Umellen?
Online op **www.youngcaritas.lu**

NACH FROEN?
Dann ruff eis un op d 'Nummer:
36 74 68 – 1
Oder schreif eis eng e-mail op:
info@youngcaritas.lu

DU WËLLS LAANSCHTKOMMEN?
Eis fënns du op
20, rue de Contern
L-5955 Itzig – 3. Stack

ONS ÖFFNUNGSZÄITEN:
Méindes: do si mir zou!
Dënschdes: 9.00 – 17.00
Mëttwochs: 9.00 – 17.00
Donneschdes: 13.00 – 17.00
Freides: 9.00-17.00

An oder op Rendez-Vous!

2016
2017

YOUNG CARITAS

–

Brochure Formatioun
BREVET ANIMATEUR

–

Komm an entdeck wei flott et as Animateur bei Young Caritas ze sin !

YOUNG CARITAS VACANCES, BÉNÉVOLAT & YOU

caritas Jeunes & Familles

OPBAU VUN DER ANIMATEUR FORMATIOUN



ANIMATEUR BREVET A

Dès Formatioun ass fir Fräizäitaktivitéiten ouni Iwwernuechtungen z.B. bei Spillnomëtteger geduecht.

ANIMATEUR BREVET B (Aide-animateur)

Dësen Brevet riicht sech un all Jonker ab 16 Joer, wou sech an den Vakanzekolonien bénévol engagéieren wëllen. Hei kritt een d'Méiglechkeet den sozialen Beräich kennenzeléieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an natierlech Kanner & Jugendlechen eng flott Zäit ze erméiglechen.

ANIMATEUR BREVET C (Animateur)

Dësen Brevet ass d'Weiderféierung an d'Verdéifung vum Brevet Animateur B (Aide-Animateur). Fir dësen Modul kennen ze man muss een minimum 17 Joer hunn, an schonns praktesch Erfahrungen gesammelt hunn.

ANIMATEUR BREVET D

Den Animateur D, stellt an engem bestëmmten Beräich eng Spezialisatioun duer Bei Young Caritas cas dat den Animateur Spillmobil.

ANIMATEUR BREVET E

Den Animateur E, riicht sech un erfahren Animatricen an Animateuren wou wëllen Responsabel vun enger Kolonie ginn.

ANIMATEUR BREVET F

Den Animateur F, ass fir erfahren Animatricen an Animateuren wou hiert Wëssen an hier Erfahrungen als Formateur wëllen weiderginn.

Animateur Brevet A
(Vakanzaktiviteiten)

Praïs 75€

Hei solls du:
- Op mannst 15 Joer hunn
- Keng Virkenntnisser néideg
- 2 Formatiounsweekender maachen
- Vakanzaktivitéiten matgestalten

22. - 23. Abrëll 2017 & 29. - 30. Abrëll 2017

Hei kriss du eng Basisformatioun iwwert Animatioun, Betreiung an Begleedung vun Kanner.
Des Formatioun ass geduecht fir d 'Encadrement vun Kanner während Vakanzaktivitéiten. Des sinn nëmmen Dagesaktivitéiten ouni Iwwernuechtung.

Animateur Brevet B
(Aide-animateur)

Praïs 200€

Hei solls du:
- Op mannst 16 Joer hunn
- 4 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (5 Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

17. - 18. Dezember 2016

Animateur: Wat? Wéi? Wou?

Hei kriss du en éischten Abléck iwwert Young Caritas, an en Iwwerbléck iwwert d'Koloniesliewen an d'Animateurspflichten.

07. - 08. Januar 2017

Kreativt Bastelen

Altersgerecht Atelieren ubidden, Ideeën an Alternativen kennen. Bastelen a kreativ schaffen ass net nëmmen fir Kanner interessant.

11. - 12. Februar 2017

Spillen an animéieren

En einfacht Spill an eng flott Aktivitéit ëmwandelen, dat ass net esou schwéier. Hei kriss du gewise wéi et geet.

04. - 05. Mäerz 2017

Plooschteren & Bloderen (1. Hëllef)

Richteg reagéieren ass net nëmmen an der Kolonie wichteg. Hei léiers du déi néideg Grëffer an kriss Tipps an Tricks mat deenen du herno richteg handelen kanns.

18. - 21. Abrëll 2017

Formatiounswoch I

An dëser Formatiounswoch geet et drëm wéi ee grouss Spiller preparéiert, organiséiert an duerchféiert. Wéi gëtt eng Owes-Animatioun ofgehal? Wourop muss een oppasse wann ee Gruppe Spiller an Aktivitéiten fir Kanner oder Jugendlecher organiséiert?

Animateur Brevet C
(Animateur)

Praïs 200€

Hei solls du:
- Am Besëtz vum Brevet B (Aide-animateur) sinn
- 4 Formatiounsweekender maachen
- 1 Formatiounswoch maachen (4Deeg)
- 1 Kolonie maachen (8 Deeg)

17. - 18. Dezember 2016

Themen an der Kolonie

Hei léiers du wéi een aus enger Kolonie eng spannend Schatzsich oder en onvergiesslechen Adventuretrip ka maachen. Heizou gehéiert och dass d 'Geschicht sech wéi e roude Fuedem duerch dei ganz Kolonie zitt.

07. - 08. Januar 2017

Problemer am Grupp

Konflikter vermeiden a léisen, Regelen opstellen an der Situatioun upassen. Déi verschidde Rollen am Grupp sinn Inhalter vun dësem Weekend.

11. - 12. Februar 2017

Sécherheet an der Kolonie

Dëse Weekend baséiert um Weekend "Plooschteren a Blooderen" aus dem Brevet B an et ginn Situatiounen an engem realistesche Kader duergestallt, z.B. en Accident am Bësch, op der Spillplaz...

03. - 05. Mäerz 2017

Integratiounsweekend

Mat der Zesummenaarbecht vun engem Grupp mat behënnerte Kanner gestalten mir en spannenden an léierräichen Weekend. Hei geet et drëm sech un di verschidden Bedierfnisser kennen unzepassen an d'Aktivitéiten ofzestemmen.

17.- 21. Abrëll 2017

Formatiounswoch II

An dëser Formatiounswoch ginn vill verschidden Aspekter vun der Kanner - a Jugend Betreiung duerchgeholl, z.B. d'Besoine vu Kanner a Jugendlechen, Kommunikatioun, Gruppendynamik a villes méi wat engem op enger Kolonie weiderhëlleft.

Animateur Brevet D
(Animateur Spillmobil)

Praïs 25€

Hei solls du:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Am Besëtz vum Brevet C sinn
- Erfahrung beim Spillmobill as vun Virdeel

17. - 18. Dezember 2016

Hei gëss du iwwer dei verschidden Schwéierpunkte vum Spillmobil informéiert an kanns se natierlech och gären all ausprobéieren. Wei passt en Spiller op deenen verschiddenen Engagementer (Maison Relais, Summerfester..) un? Bass du fierweltzeg? Dann mëll dech un an spill mat eis.

Animateur Brevet E
(Responsabel Kolonie)

Praïs 10€

Hei solls du:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Am Besëtz vum Brevet C sinn
- Kolonien bei Young Caritas gemaach hunn
- Schon vill Kolonie - Erfahrungen gesammelt hunn

22. Abrëll 2017

D'Haaptverantwortung iwwert den Grupp an der Kolonie iwwerhuelen, den Gesamtprogramm koordinéieren, d'Moniteursequipe zesummestellen a leeden, den Budget verwalten a villes méi gëtt schonn virun, während an no der Kolonie vum Responsabel verlaangt.

Fir d 'Formatioun vum Brevet E, gëtt just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deenen Young Caritas och d'Vertrauen gëtt, fir eng Kolonie als Responsabel ze man. Dës Formatioun deelt sech an theoretesch an och praktesch Deeler op.

Animateur Brevet F
(Formateur)

Hei solls du:
- Op mannst 18 Joer hunn
- Den Brevet C vum Animateur hunn
- Schon vill Kolonie - Erfahrungen gesammelt hunn

Formateur

Du wëlls däin Wëssen an deng Erfahrung un nei Animatricen an Animateuren weiderginn ?

Fir d 'Formatioun vum Brevet F, ginn just eng limitéiert Unzuel vun Animateuren zougelooss, deenen Young Caritas och d'Vertrauen gëtt, sech als Formateur ze engagéieren. Fir dësen Brevet muss du un engem offiziellen Formatiounsdag matmaachen an als Co-Formateur eng Formatioun mat ausschaffen an ofhalen. Den Programm gëtt fir all neien Formateur individuell zesummegestallt.